Kolonie

Fiesch 2009

No e puer Joër Paus ngem Joer Paus sinn mir dëst Joer erëm op Fiesch gefuer. Mat engem klengen Grupp hun mir eis den 9. Juli 2009 op de Wee gemach fir zwou flott Wochen an de schwäizer Alpen ze verbréngen. Et stungen souwill verschidden Aktivitéiten um Programm, dass et kengem langweileg ginn ass.

Eng vun eisen Haaptattraktiounen war eist Fëschen um Weier. Geplangt war jiddereen dierf een Fësch fänken, dono gët en gebotzt an vum Kach gegrillt. Leider haten mir no bal 3 Stonnen nëmmen 2 Forellen gefaangen. Gott sei Dank huet de Weier awer zu enger Forellenzucht gehéiert, an dunn huet de Chef eis déi rechtlech Fësch aus engem 2. Klengen Weier (den net fir de Pubic war) erausgeholl, esou krut no laangem waarden awer jiddereen eppes ze iessen.

Mir haten awer och eng Wanderung bei den Aletschgletscher geplangt, dass jiddereen dat eenzegaartegt 23 km laangt Stéck Eis geséit. Ausser dass et e bëssen kal war, waren d'Kanner all begeeschtert vun der super Aussiicht.

Och eisen Ausflug op de Bettmersei huet de Kanner gudd gefall. Mee mir sinn net nëmmen spazéieren gaang, et stungen och méi relax Deeg um Programm, andeems mir an d'Schwämm oder an d'Sportshal gaangen sinn.

Mee net nëmmen am Daag stung vill um Programm, och eis Owenter waren gud gefëllt. Enner anerem haten mir een Quizowend, eng Talentshow, eng Disco an als Ofschloss hu mir am Ferienduerf gegrillt.

Och dës Vakanz war séier eriwwer an no 2 schéinen an ustrengenden Wochen si mir erëm Richtung Lëtzbuerg gefuer. Nodréiglech wëlle mir iech alléguer nach emol Merci soen fir déi flott Vakanz an hoffen, dass dir d'nächst Joër nees dobäi sidd. Och eisen 2 Damen, dem Mariette an Astrid e groussen Merci fir hir Ënnerstëtzung, an mir hoffen dass och Dir ons nach emol begleet.

Mireille an Andy